Tageblatt
Montag, 16. März 2020 • Nr. 64

Foto: Editpress/Anne Lommel

# Kommt mir schweetzen!

## LUXEMBURGENSIA Eechternoach(isch/- er) ass schinn …

Guy van Hulle-Bisdorff

An Eechternoach*, deem voam Ändréi Duchscher** an Isi Comes an hiren Texter schunn deemols viroa ville Jaouere vill geprisenen a besongene „schinne Steedchen“, hoat esu moanches am Laf voan der Zäit changéiert, an déi zwin talentéiert al Jongen, kimen si näs en Kéier zréck, giwe sich wol kaum noach an hirer léiwer Hämicht erëmkeenen, an déi flaach Sprooch voan hett do verston, well esu moanches, wat d'Preisen am Kréig net gesprengt oder is Alliéiert collatéral bombardéiert hoan, guw spidderhin oniwerloagt ofgeroopt, an op en moutwëllig Oart a Weis an e Kupp gehäit a suppriméiert.

Su ass et deem stattlichen Duchscherhaus kierzlich ergaang, an déi schinn Tak, déi vir oan der Fassad oan deen industrielle Literat a Poet (respektiv poetischen Industriellen …) erënnert hoat – hautdesdaags ass esu en Mëschung voa „Schöngeist“ a „Goss“ wuel kaum bäi ise Macher a Promoteren virstellbar … – bleift bis dato spuerlos verschollen. Ass d'Plak ieren äs zesoame mam Bauschutt recycléiert geen oder anerwäerts verschwonnen, kä wääss et oder wëllt et esu richtig wëssen, och wann de Buergermääster, dee mir matzen an, derzou och noach oam Oafank voan därselwichter Duchscherstrooss, oagehal a doaerno gefrot hoan, is gintiwer, e bësjen enervéiert, voire embarasséiert, gemäänt hoat, se misst dach wol iergendwu am „Service technique“ voan der Gemän ze fanne säin … Vläicht geschéit e kleent Wonner an den heilge Willibrord léisst si erëm en Kéier opdauchen, wee wääss? Opgepasst, dat se da käm op d'Ziewen fällt, well dat deet rose wie! Hoffentlich gät et mat där historischer Weckertak net wi mat deem schinne monumentale Bild voam Pavillon, dat de Knorr gemoolt an dat ä an „Zëmmesch“ joarzéinte laang hannen an der Pâtisserie bäi er Taass Kaffi an em gouden Tiikéichelche bewonnere konnt – dat war nieft de Macarons-Mous hir Spezialitéit – an deen Tableau scheint elo der Allgemänhät fär iwig virenthalen ze bleiwen! Et ass och bis hett net vergeess, datt se Löschenhaous deemols iwer Noacht an e Kupp gehäit hoan. Dogint waren is däitsch Frënn an der Weilerbach op der anerer Säit voan der Sauer alt näs en Kéier mi wäitsiichtig an hoan een ähnlicht Lostschleesjen obschunn et am Kréich wäerend der Ardennenoffensiv biss Aschléi ofkréit hat, erëm häerlich restauréiert an et zu kulturellen Zwecker, wie z.B. äner „Schubertiad“ genotzt! Zum Gléck hat de Frënd „Caltex“ (deen de Pavillon am Park net wi säin Nofolger deprimant mausgro ogestrach hätt) d'Tierm voan der Buergmauer, grad wi dat ganz wäertvollt an ee bësjen hannerwands geleeënt gotischt Haous am Zentrum, retten a renovéire kënnen. Ma haut ass ise Frënd Georges leider an der Pensiounn, an héchstens noach samsdes „am Pudel“ beim Apero oan der „Table ronde“ voan de lokale Notablen ze geséin.

### „Conservateur du peu de patrimoine restant“

Wat Eechternoach elo dréngend bräicht, weer vill ischter en neie „conservateur du peu de patrimoine restant“ wi luussig Bauspekulanten, zwäbäinig gehornte Muffelen, weider „Schneifelhaiser“ oder – fär mat der Moud ze gon – d'Verpflichtung voan em trendige beigeprooften „Stadmanager“ voa baussen eran …! Absolutt positiv ze bewäerten ass dogint déi flott Initiativ voam Profeesser Jeff Thill seim „Quaachleker“***-Béicherbuddik an der fréierer Apdéikt „du Cerf“ oam Moart grad wi dem Brocanteur séi Buddik mat e puar echten Raritéiten, am Keiffer seim fréiere Lokal, direkt richt eriwer voa Kuffesch, net wäit voam Agank zum „Gebaakenen Hoof“. Am „Philosoff“ kann een nees sei Pättchen drënken, an dat ass en fei Saach, mais aus der Nonnemille guef e kleent verbauten „Las Vegas“, en Zort Lunapark a Konsumtëmpel, fir deen iwer honnert Beem, derzu net wäit voam „gréine“ Carole seiner Specksmillen eweg …, hoan misse droa gläwen!

Neeft deene materielle Verloster gëtt et dan zousätzlich oder parallel derzou och noach dee voan der Eechternoacher Sprooch a Mondoart, déi los awer sëcher aus dem Gebrauch kum an oam Vergoen ass, an déi et elo ze rette gëlt. Dem Ändréi Duchscher, Isi Comes, Nékel Welschbillig, Max Menager, Marcel Lorenz, Muerzel Simon a villen anere Stoak-Eechternoacher, dorënner och éise Grussëlteren, féile mer is schu bal verpflicht, dës Sprooch mat all hiren fotten Ausdréck an déi domat verbonnen Traditiunnen a Gebräich – wie z.B. Foasicht – erëm oplewen ze loossen, an se viroan hirem losen, ma sëcheren Ofsteerwen an Dud ze retten.

Zu dësem Zweck loaden äich eech eleimadder op en ischten ongezwongenen Treff – beiléiwe keen Café littéraire fir Boboen …! – an deem neien Eechternoacher Béicherbuddik oam Moart an, wu mer geméitlich an em passende Kader zesoame Geleeënhät hoan, is erëmzegeséin respektiv is keenen ze léieren an bäi äner Taass Kaffi, Ti oder färwat net och em Mini voam Wohli riicht iwer éist Eechternoachischt opzefrëschen, driwer ze diskutéieren, suwuel d'Aussproch wi d'Schreiwweis enner d'Lupp ze hollen, nozelausteren ä voan dem anere bäizeléieren, Anekdoten an al Erënnerungen auszegroawen an dobéi gläichzäitig iwer dee Wee verséichen, iser Mondoart, déi is oan d'Häerz gewoas ass, en Zoukonft ze sëcheren …! Dee genauen Termain kréid der spidderhin noach, ma esu bal wéi méiglich an der geschriewener Press matgedält!

** Déi eelst Stad am Land – dat soll hei ä fär allemol gesot säin, a meerkt eech dat – hääscht Echternach, Eechternach geschriwen respektiv Eechternoach ausgeschwat a geschriwen, dat leezt fär Puristen, déi voan hei a färwat net och fär bäigeproaft Touriste voan iweral an aus der Frimd … Wann „Iechternach“ och am Tëlefonsboh oder deem än oder aneren Oertsschëld (Aua „Ponts et Chaussi“) an och esugoar, steelt eech emol su en Häresie vir, am lokale Gemäneblad ongestrooft virkommen doerf … – „Majusebett“ hätt mein Grussmamm Anna Bisdorff, Krääsch gedoen, wa se dat geséin hätt … – esu ass a bleift dat grondfalsch, an et dät mir all Kéier persinlich wii an den Ueren, an ich kënnt kräischen – net nëmmen bei den Duddesannoncen –, wann ech dat lesen oder mer et mat oanhiere muss!*

*** Den Ändréi Duchscher (1840-1911) hoat ganzer 11 Theaterstécker a vill aner Texter an der lokaler Mondoart geschriwen. 1873 hoat en zu Wecker en Géisserei gegrënt, déi och noach haut ënnert em aneren Noam a mat auslännischem Kapital hire Fortbestand hoat, a weiderhin mat Metal ëmzegoe wääss. En laang Zäit war heen och mat dem Caspar-Matthias Spoo an äner gemeinsamer Firma assoziéiert.*

**** E „Quaachlek“ ass e Kaweechelchen, „a squirrel“ in English, „un écureuil“ en français an, wi jidderä wääss, „ein Kaweichelchen“ op däitsch.*